PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/03/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sport & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro n°110 iwwert déi legal Basis fir extern Mataarbechter vun de Formatiounszentere bezitt sech de Minister op den Artikel 13 vum 1988er Gesetz iwwert déi administrativ Struktur vum Sport. Gläichzäiteg wier mat enger Modifikatioun vum Sportgesetz vun 2005 "eng nei legal Basis geschaf ginn" an seet domat, "dass et zu all Moment eng legal Basis gouf".

Am *Projet de règlement grand-ducal déterminant l'indemnisation des intervenants dans les centres de formation fédéraux* vun 2023 ass am Exposé des motifs ze liesen: " La loi modifiée du 29 novembre 1988 portant organisation de la structure administrative de l'éducation physique et des sports définit à son tour les missions et le cadre de l'Ecole nationale de l'éducation physique et des sports "ENEPS" et crée dans son article 1 la base légale pour l'indemnisation entre autres des chargés de cours: [...] Par la suite un arrêté du Gouvernement en Conseil du 21 décembre 2001 a fixé les montants des différents indemnités [...] à l'occasion des formations de l'Ecole nationale de l'éducation physique "ENEPS" [...] Weider heescht et: "Entretemps, l'ENEPS n'intervient plus directement dans l'organisation des centres de formations fédéraux, qui sont organisés et coordonnés par le Sportlycée. Or, la fixation des indemnités constituant un acte à caractère réglementaire, elles devraient être fixées par règlement grand-ducal et non pas par un arrêté du Gouvernement en Conseil. Par ailleurs, la matière concernée relève d'une matière réservée à la loi en vertu de l'article 99 de la Constitution. La base légale auxdits paiements est en cours de création par un amendement aus projet de loi (document parlementaire 7955) [...] déposé en date du 3 avril 2023 [...] Le montant et les modalités de l'indmnisation sont fixés par règlement grand-ducale [...] afin de créer ainsi la sécurité juridique requise à tous les intervenants".

Am Avis zum Projet de règlement vum Conseil d'Etat vum 11te Juli 2023 steet ze liesen: "le règlement en projet est basé sur l'article 8 de la loi modifiée du 21 juillet 2012 [...] ainsi que sur l'article 4, paragraphe 6, de la loi modifiée du 3 août 2005 [...] En ce qui concerne l'article 4 paragraphe 6, de le loi précitée du 3 août 2005, le Conseil d'Etat constate que notamment les nouveaux alinéas [...] visent à servir de base légale aux indémnités prévues par le règlement en projet sous avis.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kuckt een sech déi verschidden Aussoen aus dem Projet de règlement un a vergläicht se mat

dem Avis zum Projet de règlement vum Conseil d'Etat an den Äntwerten op d'parlamentaresch Fro n°110, sou stinn déi an engem däitleche Widdersproch zueneen.

Kënnen d'Ministeren erklären, wéi et zou sou engem Widdersproch konnt kommen?

2. Kënnen d'Ministeren erklären, firwat net rechtzäiteg eng adequat Base légale geschaf gouf?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten